

Verbesserunge fir d'Leit aus dem Gemengesecteur!

D'Inneministesch Taina Bofferding huet sech mam SYVICOL, der FGFC an dem Landesverband op eng ganz Rei Verbesserunge fir déi ronn 15.000 Leit, déi am Gemengesecteur schaffen, gëeenegt, dorënner d'Ëmsetzung vum Accord salarial aus der Fonction publique, wéi och nei Mesuren.

Besser Konditiounen fir déi Jonk:

- De Stage gëtt nees op 2 Joer reduzéiert. D'Méiglechkeet, d'Stagezäit zousätzlech ëm ee Joer ze verkierzen, bleift bestoen.
- All d'Stagiaren, déi no dem 1. September 2017 ugefaangen hunn, kréien hire Stage d'office em ee Joer verkierzt.
- Déi sougenannte „80-80-90“ Reegel gëtt ofgeschaaft. D'Stagiairë gi réckwierkend op den 1. Januar 2019 nees bezuelt ewéi virun der Aféierung vun där Reegel. D'Ufanksgehälter bei der definitiver Ustellung ginn nees berechent ewéi virun der Reform vun 2017 an d'Schaffjoren am Privatsecteur gi ganz ugerechent.

Vereenbarkeet vu Privat- a Berufsliewen:

- D'Reform vun den extraordinäre Congésdeeg, ewéi de verlängerte Pappecongé vun 10 Deeg, gi réckwierkend op den Zäitspuerkont gutt geschriwwen (fir d'Period 1.01.-1.09.2018).
- D'Gemengepersonal kritt an d'Zukunft déi selwecht Déngschtfräistellungen als Aarbechtszäit ugerechent ewéi d'Staatsbeamten.
- De 9. Mee, den Europadag, gëtt als neie Feierdag och fir de Gemengesecteur festgeschriwwen.

Eng Léisung fir d'Buskontrolleren:

- An der Carrière vun den „Agents de transport“ goufen déi néideg Upassungen decidéiert, fir dass en Avancement an der Carrière och nees en Avancement an der Paie bedeit !

Moderniséiert Rekrutementsprozedur och bei de Gemengen:

- Den Admissibilitéitsexamen gëtt reforméiert, esouwuel um Fong wéi op der Form. D'Prozedur gëtt digitaliséiert an d'Tester ginn ugepasst fir de Besoin vum Gemengesecteur esou gutt wéi méiglech Rechnung ze droen.
- D'Examenssessioun vum Juni /Juli 2019 leeft nach nom aktueller Modell. D'Reform wäert sech eréischt an der Sessioun duerno applizéieren.

Formatioun an definitiven Ustellungsexamen:

- Och d'Formatioun vun de Gemeindebeamten déi am Stage si gëtt reforméiert. Hei gëtt sech um neie Modell deen de Staat fir seng Stagiaren agefouert huet orientéiert.
- Dorunner gekoppelt ass och eng Revisioun vun den definitiven Ustellungsexamen am Gemengesecteur (examen d'admission définitive, examen de fin de formation spéciale).

